



CÉRÉMONIE D'OUVERTURE 2012

TÉMOIGNAGE DE DANIELLE

Mäin Numm ass Danielle, ech hu 55 Joer, si bestuet an hunn e Jong vu 26 Joer. Ech hat 2 Mol Broschkriibs.

Fir d'éischt wéi ech 30 Joer al war. Nodeems meng Mamm mat 37 Joer u Broschkriibs gestuerwe war, war de Choc vu menger Diagnose natierlech immens grouss. Awer duerch déi familiär Virbelaaschtung sinn ech och schonn am jonken Alter regelméisseg a meng Mammografië gaang an esou war meng Tumeur och nach ganz kleng.

Ech hu meng Broscht awer misse ganz amputéiert kréien, wat an deem jonken Alter a mat engem Puppelchen um Aarm, zimlech tragesch war. Ech krut 2 Joer drop eng Rekonstruktioun gemaach, déi ganz gutt gelonge war an ech konnt mech du schéin bretze mat mengem neien Decolleté.

18 Joer laang hunn ech ouni gréisser gesondheetlech Problemer gelieft...awer dunn, 2005 krut ech fir d'2. eng Hiobsbotschaft. Bei enger Routineuntersuchung sinn erëm Tumeure gesi ginn an dat an där anerer Broscht.

Eng Welt ass fir mech zesummegebrach an ech sinn an eng déif Depressioun gefall.

- dat Ganzt nach eng Kéier
- nees Amputatioun an Operatiounen
- nees déi ganz Therapien
- erëm méintelaang mat Parréck lafen
- firwat ëmmer ech???

Ech wosst zwar aus Erfahrung, dass Broschkriibs zum groussen Deel heelbar ass, konnt mir awer net virstellen 2 mol am Liewe Chance ze hunn. Meng Angschtgefiller hu mech ëmmer méi déif erofgezunn.

Dunn hun ech den Telefon geholl, hunn an d'Fondation Cancer' ugeruff an hunn ëm Hëllef gefrot. Schon nëmme déi douce Stëmm vun der Psychologin an déi verständnisvoll Wiederer vun där Fra, krute mech schnell berouegt.

Ech wollt einfach alleng mat menger Situatioun eens ginn, well schliesslech sinn ech jo eng staark Fra. Hunn dat och méi oder wéineg gepackt bis meng Blutanalyse eng kleng Anomalie gewisen huet, näischt Tragesches, awer 1,2,3 lung ech erëm a mengem Lach.

An du sich (sinn ech????) an d'Fondation Cancer gelaf komm an hu mir hëllef gelooss. Haut weess ech: ech hätt sollen direkt kommen an esou munch grujeleg Momenter wäire mir erspuert bliwwen. Ech hu geléiert mat mengen Ängschten eens ze ginn an nach eppes hunn ech hei geléiert: Jo et kann een och 2 Mol am Liewe Chance hunn.

Dofir wëll ech och elo hei profitéieren, wann dir mir schonn en Micro gitt, fir Merci ze soen

- Merci un d'Fondation an d'Dokteren, fir hir gutt an professionell Aarbecht
- Merci u mäi Jong, meng Famill a meng gutt Frënn, déi mir, esou gutt se konnten, gehollef hunn an ëmmer fir mech do waren
- An e ganz grouse Merci u mäi wonnerbare Mann

Ouni dech, Décken, hätt ech dat Ganzt net esou gutt gepackt.

Merci.